

UNIVERSITÉ DU LUXEMBOURG

Master en langues, cultures et médias – Lëtzebuerger Studien

–
Master académique
–

FACULTÉ DES LETTRES, DES SCIENCES HUMAINES, DES ARTS ET DES SCIENCES DE L'ÉDUCATION

Master en langues, cultures et médias – Lëtzebuerger Studien

Master académique

D'Lëtzebuerger Sprooch, Kultur, Literatur an d'Medien an hirer Entwécklung an an hirem spezifesche gesellschaftleche Kontext stinn am Zentrum vun dësem Masterstudiegang.

De Master ass innovativ

a senger Perspektiv

- déi d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur an de méisproochegen a multikulturelle Kontext vum Land abett
- déi berücksichtegt, wéi Kultur zu Lëtzebuerg duerch d'Medie wéi Film, Press, Tëlee oder Radio konstruéiert a reflektéiert gëtt

Objektiver

Envisagéiert ass d'Ausbildung vun Experten, déi net op eng Disziplin fixéiert bleiwen, mee interdisziplinäert Wëssen a Kompetenzen an de Gebidder vun der Lëtzebuerger Sprooch, der Kultur an de Medie matbréngen an och an der Beruffswelt uwenne kënnen.

Ziler bis d'Enn vum Studium sinn deemno:

- verdéifte Kenntnisser an deene genannte Beräicher a Fächer
- en Abléck an déi wichtegst Methoden an Instrumenter vun de Sprooch- a Kulturwëssenschaften
- d'Kompetenz, spezifesch lëtzebuergesch Charakteristiken identifizéieren an ënnerscheeden ze kënnen, esouwéi den Afloss vun anere Kulturen zu Lëtzebuerg analyséieren an an der Perspektiv vun der Groussregioun, vun Europa an der Welt evaluéieren a vergläichen ze kënnen
- d'Fäegkeet, kritesch ze uerteelen esouwéi eegestänneg a wëssenschaftlech ze schaffen
- d'Kompetenz, d'Wëssen iwwert déi lëtzebuergesch Sprooch, Literatur a Kultur weiderzeginn

Inhaltlech Struktur

D'Inhalter si konkret an dräi Kärberäicher organiséiert:

Kärberäich 1: Sproochwëssenschaft
Vermëttlung vu linguisteschen a soziolinguisteschen Analys- a Beschreiwungsmethoden applizéiert op d'Lëtzebuergesch an déi lëtzebuergesch Sproochesituatioun: Beschäftegung mat de sproochleche Strukturen, der Sproochgeschicht a -standardiséierung, mat der Méisproochegkeet, Sproochkontakt a Code-switching a mat der Sproochepolitik.

Kärberäich 2: Kultur- a Literaturwëssenschaft
Theorien, Konzepter a Methode vun der Literaturwëssenschaft an hir Relevanz fir d'Lëtzebuergesch: Analys an Interpretatioun vun der lëtzebuergescher Literatur an hire sozialen, politeschen, historeschen an institutionelle Kontexter. Ënnersicht gi literaresch Zeien a verschiddene Sprooche vun 1815 bis haut. Doriwwer eraus gehéiert och d'Geschicht vu Lëtzebuerg an dëse Kärberäich.

Kärberäich 3: Mediewëssenschaft

Une sensibilisation à la manière dont la culture vit à travers le vaste univers des médias, une étude de leur fonctionnement et de leur efficacité. Un aperçu du panorama médiatique luxembourgeois, avec des rencontres avec les protagonistes du monde de la culture, de l'art et de l'information. Une série d'études de situations de communication de la culture.

Weider sollen interdisziplinär Coursen aus anere Masterprogrammer a vun anere Fachberäicher beluecht ginn (z.B. iwwert Migratiounsfuerschung, Geschicht, Geographie, Educatiounswëssenschaft)

Liene mat der Recherche

an der Beruffswelt:

- Zesummenaarbecht mat den Equipen aus der IPSE-Fuerschungseenheet a mam Programm „Etudes Luxembourgeoises" (P7)
- Zesummenaarbecht mat lëtzebuergesche Kultur- a Medieninstituter
- Invitatioun vu Fachleit aus der Beruffswelt an der internationaler Fuerschung

Berufflech Perspektiven

- Enseignement secondaire (Professer fir d'Lëtzebuergescht)
- Professer fir Sproochecoursen am Lëtzebuergeschen als Friemsprooch bei Jonken an an der Erwuessenebildung
- Recherche (Doktorat)
- Kulturell a politesch Institutiounen
- Redaktioun a Lektorat an den Editiouns- a Pressenhaiser, Theateraarbecht a -kritik

Viraussetzungen, fir ugeholl ze ginn

E Bachelorofschloss an der Philologie (franséisch, däitsch oder englesch, o.ä.), an der Konscht, de Mediewëssenschaften, der Geschicht oder anere Kulturwëssenschaften. Vun de Kandidate fir d'Professerscarrière ass e Bachelor an enger Philologie verlaangt.

Sproochenufuerderungen:
Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch (ongefeier d'Halschent vun de Coursë gëtt op Lëtzebuergesch gehalen). Passiv Kenntnisser am Englesche sinn néideg, fir d'Fuerschungsliteratur rezipéieren ze kënnen.

Maximum u Kandidaten

20

Informatiounen

Dr. Melanie Wagner
Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises
Faculté des Lettres, des Sciences Humaines, des Arts et des Sciences de l'Éducation
L-7201 Walferdange

melanie.wagner@uni.lu
T. +352 / 46 66 44-6271

—

Brigitte Uhres
Secrétariat Lettres, Sciences Humaines

brigitte.uhres@uni.lu
T. +352 / 46 66 44-6212
F. +352 / 46 66 44-9604

Prof. Dr. Peter Gilles
Responsablen Directeur d'études

peter.gilles@uni.lu
T. +352 / 46 66 44-6383

—

Pedro Mendes Tavares
Secrétariat chargé des programmes de master

pedro.mendes@uni.lu
T. +352 / 46 66 44-9617
F. +352 / 46 66 44-9604